CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 FEV. 2020
1823

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 4. Februar 2020**

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert de Bio-Aktiounsplang un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

Laut Regierungsprogramm solle bis 2025 op d'mannst 20% vun der Agrarfläch biologesch bewirtschaft ginn. Dofir soll en néie Bio-Aktiounsplang opgestallt ginn. An dem Débat iwwert de nationale Klima- an Energieplang vum 19. Dezember 2019 huet den Här Landwirtschaftsminister forméiert, dass de Bio-Aktiounsplang quasi fäerdeg wier an dass en nach am Januar duerch der Regierungsrot sollt goen. Ausserdeem huet den Här Minister präziséiert dass dertëschent mat de Partner nach eng Kéier diskutéiert géif ginn. Laut mengen Informatioune war de Bio-Aktiounsplang bis haut nach kee Sujet am Regierungsrot.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen

- Ass de Bio-Aktiounsplang mëttlerweil fäerdeggestallt ?
- Ween ass alles consultéiert ginn ?
- Wéini gëtt de Plang publizéiert a wéini trëtt en a Kraaft ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 53/2020

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 FEV. 2020

Luxembourg, le 07. 02. 20

**Objet:** Question parlementaire n° 1823 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°1823 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen**

**Ass de Bio-Aktiounsplan mëttlerweil fäerdeggestallt?**
**Ween ass alles consultéiert ginn?**
**Wéini gëtt de Plang publizéiert a wéini trëtt en a Kraaft?**

Nieft dem Debat d'orientation sur l'agriculture biologique, deen den 2. an 3. Juli 2019 an der Chamber stattfonnt huet, hunn ech den 11. Juli 2019 ee sougenannte „World-Café" zum Plan d'Action National (PAN-Bio 2025) organiséiert. Hei ware 50 verschidden Organisatiounen an Instanzen invitéiert, fir sech un der Ausaarbechtung vum PAN-Bio 2025 ze bedeelegen.

De Feedback vun den Teilnehmer huet gewisen, dass dës Aart vun Austausch begréisst ginn ass. Jiddereen hat des Weideren nach d'Méiglechkeet, den Ergebnispabeier ze kommentéiere resp. Verbesserungsvirschléi eranzereechen.

De PAN-Bio 2025 ass säit Dezember 2019 vu mir fäerdeggestallt a befënnt sech de Moment an der ministerieller Ofstëmmungsprozedur. Des Weideren fënnt nach virun der Fuesvakanz eng Diskussioun a Consultatioun mat der Landwirtschaftskammer a Vertrieder vum Biosecteur statt.

Zäitno gëtt dann de Regierungsrot mam PAN-Bio 2025 befaast, deen ech dann uschléissend der Agrarkommissioun wäert presentéieren. Dono kann en direkt publizéiert an ëmgesat ginn.